ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrechtsminister weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 15. November 1978 "*relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse*", esou wéi et de 17. Dezember 2014 ofgeännert gouf, bestëmmt a sengem Artikel 1 "*La loi garantit le respect de tout être humain dès le commencement de la vie. Il ne saurait être porté atteinte à ce principe qu'en cas de nécessité et selon les conditions définies par la présente loi.*" An dësem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt dëse gesetzlechen Optrag am Unterrechtswiesen ëmgesat? Ass an der ëffentlecher Schoul de Prinzip vum Schutz vum Liewen – vun Ufank un – integrale Bestanddeel vun alle Coursen iwwer d'Sexualitéit? Stellt de Staat sécher, datt jiddereen, deen an der ëffentlecher Schoul zum Thema Sexualitéit intervenéiert, dës gesetzlech Verflichtung zum Schutz vum ongebuerene Liewen kennt, respektéiert an zum Deel vu sengem Unterrecht mécht?
2. An engem Artikel am "Lëtzebuerger Land" vum 8. Mäerz 2019 ("Camouflage") gëtt gesot, datt "*Mitarbeiterinnen des nationalen Referenzzentrums zur sexuellen und affektiven Gesundheit, CESAS, einen Kurs (...) besucht (...)*". (haben). Opgrond vu wéi enge rechtlechen Dispositioune kann esou eng Visitt stattfannen ? Huet den Zentrum "CESAS" en Inspektiounsoptrag an der ëffentlecher Schoul? Wa jo, opgrond vu wéi enge gesetzlechen Dispositiounen?
3. Weider heescht et, deenen Damme wär an deem Cours d'"*Lebensschutz-Terminologie*" opgefall a si hätten dat dann dem "*interministeriellen Begleitkomitee*" gemellt – an deem och de Schoulministère vertruede wär – an doropshi wär de Cours "*aus dem Angebot von lifelong-learning.lu verschwunden*".
    - Kann den Här Minister déi Behaaptungen aus dem Artikel "Camouflage" confirméieren?
    - Wéi ass dee genannten interministerielle Begleetkomitee zesummegesat?

- Wéi erfëllt dëse Komitee dee gesetzlechen Optrag fir de Schutz vum ongebuerene Liewen? Begréisst, ënnerstëtzt a verdeedegt de Komitee gesetzeskonform all Initiativen fir de Schutz vum ongebuerene Liewen an de Coursen an der ëffentlecher Schoul?
- Huet dee Komitee en Afloss drop gehat, fir dee genannte Cours aus der Offer vu "lifelong – learning.lu" "verschwannen" ze loossen?

4. Weider heescht et, de SCRIPT wéilt bis op Weideres keng Interventiounen an deem Sënn autoriséieren a wéilt all Offeren iwwerpréiwe well d'Schoul "weltanschaulich neutral" misst sinn. Et misst ee préiwen ob "Lebensschutz-typische Inhalte" an d'Schoulen an an d'Maisons-relais komm wären. Dozou dës Froen:
    - Kann den Här Minister dës Aussoe confirméieren ?
    - Ass et richteg, datt de SCRIPT mengt, de Respekt vum gesetzlechen Optrag fir de Schutz vum ongebuerene Liewe géing am Widdersproch zu enger "weltanschaulecher Neutralitéit" stoen ?
    - Wéi eng Wäerter kënnen an der ëffentlecher Schoul iwwerhaapt nach vermëttelt ginn, wann déi soll "weltanschaulech neutral" sinn? Wéi ass déi "Neutralitéit" definéiert ? Gëllt déi och dann, wann d'Gesetz e kloeren etheschen Optrag a Form vun enger Garantie gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten